N°2351
Entrée le 20.05.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 21.05.2025
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20/05/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Finanzen weiderzeleeden.**

An de leschte Jore schéngt den Handel mat gefälschte Luxusartikelen europawäit zouzehuelen. D'Administration des douanes et accises spillt eng zentral Roll bei der Erkennung an der Sécherstellung vun dëse Produkter, déi net nëmmen ekonomesche Schued verursaachen, mee och d'Konsumenterechter an d'Gesondheet gefäerde kënnen, well si dacks mat héijen Dose vu geféierleche Schadstoffer belaascht sinn.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi vill gefälscht Luxusartikelen huet d'Douane zu Lëtzebuerg an de leschte fënnef Joer, opgeschlësselt pro Joer, séchergestallt?
2. Wat ass de geschätzte Gesamtwäert vun dëse konfiszéierte Wueren a wéi huet sech dësen am Laf vun der Zäit entwéckelt?
3. Ëm wéi eng Zort vu Produiten handelt et sech haaptsächlech (Poschen, Kleeder, Aueren, etc.), a vu wéi enge Marken?
4. Vu wou kommen déi meescht gefälscht Produkter, déi zu Lëtzebuerg saiséiert ginn?
5. Wéi eng Moyenen a Ressourcen huet d'Douane aktuell zur Verfügung, fir dëse Problem unzegoen, a si se ausräichend?
6. Wéi héich war de Käschtepunkt an de leschte fënnef Joer fir d'Vernichte vun de saiséierten Produiten, opgeschlësselt pro Joer?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten